
LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet an vum Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro n° 530 vum 25. Mäerz 2024 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement an vum honorabelen Deputéierten Här Ben Polidori.**

*1. Wéi vill Schüler si säit Ufanks des Joers um bloen Houscht erkrankt? Huet sech d'Situatioun säit Enn Februar verbessert oder verschlechtert?*

Säit Ufanks des Joers (Zäitraum vu Januar 2024 bis 7. Abréll 2024), goufen 376 Fäll vu bloem Houscht, och nach Keuchhusten oder Coqueluche genannt, gemellt. Dovu sinn 281 Fäll Schüler.

Follgende Graphique weist d'Verdeelung op déi verschidden Altersklassen vum 1. Januar 2024 bis de 7. Abréll 2024:




*2. Wéi vill Enseignanten si säit Ufanks des Joers um bloen Houscht erkrankt? Huet sech d'Situatioun säit Enn Februar verbessert oder verschlechtert?*

Säit Ufanks des Joers sinn 10 Enseignantë betraff gewiescht, hei bleift Situatioun stabel, ouni grouss Verännerungen.

*3. Wéi vill Ariichtunge waren heivu betraff (Primärschoulen, Maison relais, Crèchen a Lycéeën)?*

Stand vum 7. Abrëll 2024 war d'Zuel vun betraffen Ariichtungen déi follgend:

Grondschoulen: 53
Lycéeën: 47
Crèchen: 3

Zu de Maisons Relais kann de Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet keng genau Informatioune ginn, well eis Donnéeën net präzis genuch sinn.

*4. Sinn nach weider Impfstatiounen ageriicht ginn, ausser déi am Lycée Ermesinde?*

D'Inspection Sanitaire war den 19. Mäerz 2024 och an de Lycée classique de Diekirch eng Impfcampagne maachen, dat nodeems sech an dësem Lycée och ee gréissere Cluster erauskristalliséiert hat. Bei dëser Interventioun goufen d'Impfkaarte vun de Schüler an Enseignantë kontrolléiert a wann néideg, a wann eng autorisatioun parentale virlouch, gouf op der Platz geimpft.

Och des Campagne gouf ganz gutt vun de Schüler, hiren Elteren an Enseignantë ugeholl, sou dass och do d'Infektiounskette konnt ënnerbrach ginn.

D'Inspection sanitaire huet ob deen Dag, am Lycée classique de Diekirch, 981 Impfkaarte kontrolléiert an 380 Persounen op der Platz geimpft.

*5. Wéi vill Impfdose fir géint de bloen Houscht ze impfen huet Lëtzebuerg am Moment op Stock?*

D'Unzuel un Impfdosen op den 2. Abrëll 2024 zu Lëtzebuerg war follgend:

- Vaccin D, T, aP (diphtérie, tétanos, coqueluche) : 2.785 Dosen

- Vaccin D, T, aP, IPV (diphtérie, tétanos, coqueluche, poliomyélite) : 5.443 Dosen

Lëtzebuerg, den 26. Abrëll 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez